Kooperatiounsarbecht ass erfëllend, awer ... net ëmmer einfach. Dat ass eng Feststellung, déi de ganze Grupp deelt, nodeem e vun dëser Rees zrëckkomm ass. Vu, datt mir als ONG net ëmmer um Terrain kënnen sinn, muss eng Vertrauensrelatioun mat de lokale Partner bestoen – an dat – iwwer kulturell Grenzen ewech. Och hu mir festgestallt, datt bei der Kooperatiounsarbecht net ëmmer alles riicht leeft. Heiansdo gesäit een e Besoin, deen net erfëllt ass oder Deeler



*Wonnerbaren an häerzlechen Accueil zu Zambélé*

vum Projet, déi net esou gelaf sinn, wéi se sollten. Heiansdo läit d'Schwieregkeet och am administrative Kontext. Dëst gëtt awer erëm vun de ville positiven Andréck a Resultater vun de realiséierte Projekte guttgemaach: ze gesinn, wéi jonk Baueren, déi no Diskussiounen iwwer zukünfteg Projeten, Hoffnung hunn oder wéi begeeschtert Kanner an d'Schoul ginn, deenen dat duerch eise Projet erméiglecht ginn ass.

Zu Zambélé ware mir op Besuch, fir de Projet vum Complexe Scolaire besichen ze goen, deem 2016-2017 mat der Ënnerstëtzung vun eiser ONG gebaut ginn ass. Hei krute mir gewisen, wat Gaaschtfreundschaft am Burkina bedeit. Op der Plaz si mir vun der ganzer Duerfgemeinschaft mat Danz a Musek empfaange ginn. No der offizieller Zeremonie bei där den Naba (Duerfeelsten), de President vun der Elterevereenegung an de Schouldirekter hir Riede gehalten



hunn, krut da jidderee vun äis e Kleedungsstéck (a senger Gréisst!) geschenkt. Dono hu mir zesummen en Tour duerch de Schoukcomplex gemaach an haten d'Geleeënheet fir mat de Schüler e puer Wuert auszetauschen.

Vu, datt am Burkina Faso de Moment d'Sécherheetslag méi ugespaant ass, krute mir geroden, äis vun enger Police-Eskort begleeten ze loossen. Dëst huet beim Grupp fir gemëschte Gefiller gesuergt. Engersäits huet een sech méi sécher gefillt, anerersäits stoung et am Kontrast zu deem léiwem an häerzlechen Empfank, dee mir am Duerf gebuede kruten an deem alles anescht, wéi bedreelech gewierkt huet.



*Begrëssung duerch den Naba*

## Kooperationsvisite am Burkina Faso



*Gruppefoto mat de Verantwortleche vum Schoulkomplex vu Zambélé*

### Austausch ënner Frënn

Wierklech interessant fir äis als Membere vun der Landjugend an de Jongbaueren war eng Entrevue mat der Landjugend vu Zambélé, bei där mir d'Méiglechkeet hatten, äis iwwer d'Problematik vum Liewen um Land zu Lëtzebuerg an am Burkina auszutauschen. Bei dëse Gespréicher ass d'Iddi opkomm, fir eng Aktioun „Kassine fir Zambélé“ bei äis doheem ze starten, esou datt eis Frënn vu Zambélé vun dëser Technik profitéiere kënnen.

Beim uschlëssende Besuch zu Imasgo si mir natierlech de Projet CTAA besiche gaangen, deen an de Joren 2008-2015 vun eiser ONG ënnerstëtzt ginn ass, an haten do dësweideren och en Treffe mat de Verantwortleche vun der Gemeng an der Prefektur. An der Auberge Moringa hu mir iwwernuecht, wou mir Lëtzebuerger bei eise Visitten eigentlech schonn eng sëllege Jore wéi doheem sinn. D'Auberge gëtt vun der Associatioun PromoFemme geleet. Dës Associatioun bidd de Meedercher, déi virun der Zwangshochzäit fortgelaf sinn,



*E puer Wuert Lëtzebuergesch fir déi jonk Burkinabèen*

## Kooperationsvisite am Burkina Faso



*Um Tour duerch d'Schoulklasse vu Zambélé*

Zouflucht a setzt sech fir si an. Fir ganz an d'Erfahrung Burkina anzeklammern, ass d'Michi mueres extra fréi opgestan an huet zesumme mat de Meedercher, déi am Moment am Moringa liewen, eng Omelett fir de ganze Grupp gemaach. Dëst war eng ganz speziell Erfahrung fir d'Michi, déi beim Réckbléck ëmmer nees d'Ae vum Michi un d'Glënnere bréngt. Eent ass jiddefalls sécher: déi nächste Kéier, wou mir virgesi fir am Moringa op Besuch ze sinn, huele mir eng nei Pan mat. Déi, déi si do am Gebrauch hunn, ass tatsächlech e bësse „midd“.

### Dat wäert scho klappen...

An Afrika ticken d'Aueren anescht. Dat gëllt och am Burkina Faso, d'Land vun den opriichtege Männer (a Fraen!). Als Europäer muss een eng gewësse Flexibilitéit matbrénge well net ëmmer alles esou klappt, wéi et geplangt ass. Mee och wann heiansdo emol eppes schief geet, sinn eis Frënn am Burkina ëmmer hëllefsbereet. Fir eisen Tëschestopp zu Ouagadougou an der Halschent vun der Rees war beispillsweis eis Reservatioun vergiess ginn. Do stounge mir



*De Grupp am Gespréich mat der Landjugend vu Zambélé*



*An der Entrée vun der Réserve Nazinga*

dann zu 10 an der Receptioun vum Hotel ouni eng Schlofgeleeënheet fir d'Nuecht. No e bësse Geknouters hunn de Philippe an de Romain sech awer dru gemaach, fir no Alternativen ze kucken. De Philippe huet d'Hotellen ofgeklappt an de Romain huet Kontakt mat de Schwestern opgeholl. Schlussendlech si mir an engem Fraenzentrum bei enger léiwer Schwester opgeholl ginn. Si loosse keen op der Strooss setzen!

Wat Wallissen ubelaangt, déi net ukommen, hu mir schonn esou munch Erfarunge mat enger franséischer Fluchgesellschaft gemaach. Mir deelen deemno virsiichtshallwer eis Saache jeeweils op 2 Wallissen op, fir de Fall, datt eng net ukënnt. Dës Kéier sollt et da richteg schif goen: vun 20 Wallisse sinn der 8 net ukomm an domat waren eenzeler aus eise Grupp ganz ouni Walliss. Dat Ganzt hat awer eng positiv Säit: Jiddereen huet a senge Wallisse gekroomt a Saachen ausgepaakt, fir deenen ouni Gepäck eppes zur Verfügung ze stellen – wann et drop ukënnt, kënne mir openeen zielen!

### Openeen zielen ... just net op een!

Elefanten hat en äis versprach, de Romain! Déi sollt en äis awer schëlleg bleiwen. Obwuel mir viru Sonnenopgank opgestane sinn a mat de 4x4 während 3 Stonnen duerch de Park Nazinga gedüst sinn, hu mir leider keng Elefante

gesinn. Zwar hu mir ganz vill aner Déiere gesinn, mee keng Elefanten! Et huet sech awer erginn, datt mir vum Bierg aus, eng impressionnant Aussicht op de ganze Park genéissee konnten – dat huet äis alt getréischt. An zu Basulé konnte mir dofir och d'Krokodille gesinn. Wéi héich déi sprange kënnen!

### Wat Erfarungen ...

Mat Momenter konnt een sech froen op mir ze vill versprach kruten. De Romain an de Philippe hu vum „Hélène la Togolaise“ hirer Kiche geschwärmmt. Mir hunn äis deemno fir owes zu Yako e Festschmaus erwaart! Wou mir do ukomm sinn, stounge mir virun enger klenger Hütt aus Zille mat engem Wellblechdaach an e puer Plastiksstill op der Terrass. D'Kichen ass eng Feierplaz hannert der Hütt mat engem risegen Dëppen an do sëtzt dann och d'Madame Hélène, eng imposant Fra. Mat engem grouse Laachen a voller Freed si mir vun hir empfangen an invitéiert ginn, fir Plaz ze huelen. Rëndsbroschetten, Fritten, frittiert Banannen a e lauter aner gutt Saachen huet si fir äis preparéiert. Mir ware begeeschtert, mir kruten dës Kéier net ze vill versprach. Wie behaupt, datt et an der Belsch déi beschte Fritte gëtt, deen huet der Madame Hélène hir nach net geschmaacht!!!

An d'Mass sollte mir och goen, et géng flott ginn, hunn se gesot. 2 Stonnen huet se gedauert! Mee langweilich war et



*Och wann d'Elefanten sech aus dem Stëbs gemaach haten,  
goufen et aner Déieren ze gesinn*



Beim Kinnek vu Gomponsom

net. D'Kierch war struppevoll an d'Leit, déi et net bis era gepackt hunn, souzen op de Still virun der Dier. Et gouf matgesongen a matgeklappt, jo richtig Freed ass opkomm.

## Vill schéin an impressionnant Begéinungen

Wat eis Equipe awer virun allem impressionnéiert huet, ware d'Begéinungen mat verschiddene Leit - an där hate mir eng sëllegen. An engem Duerf op der Duerchrees si mir vun engem Kinnek ageluede ginn, fir äis mat him ze ënnerhalen. Dono huet hien äis proposéiert, säin Haus/Anwesen ze besichen.

Mat der Landjugend vun Imasgo a vu Zambélé hate mir Reuniounen, bei deene mir äis austausche konnten. Dobäi ass et fir äis kloer ginn, wéi wichteg den Dialog fir eis Partner am Burkina ass.

An all Duerf wou mir gaange sinn, hunn natierlech déi offiziell Visitten net dierfe feelen. An d'Gemeng, bei de Préfet, bei den Naba – et gehéiert zum gudden Toun, wann een an en Duerf kënnt, fir sech unzekenegen, fir datt d'Leit wëssen, wien do ass. Esouguer e Geessebock krute mir als

Ausdruck vu Frëndschaft vun engem Duerfeelste vu Zambélé geschenkt.

Eng aner Approche, ewéi mir, hunn d'Burkinabeë wat hiren Telefon ugeet. Jiddereen huet mindestens dräi Handyen (ee fir Frënn, ee fir d'Famill, ee fir dat Arabescht oder wann d'Netz net geet) an esoubal e schellt, muss direkt geäntwert ginn - an dat och wa mir matzen an enger Reunioun setzen oder am Gespréich sinn.

Bei enger Kooperatiounsrees stinn natierlech d'Projeten, d'Partner an d'Kooperatiounsaarbecht am Zentrum vun der Opmierksamkeit. An trotzdem hu mir dovun profitéiert, fir de Burkina aus engem anere Bléckwénkel ze kucken an hunn dofir z.B. e Besuch am Village Artisanal gemaach, ee vun de Projeten, dee vun der Lëtzebuerger Kooperatioun matfinanziert ginn ass, fir jonke Kënschtler eng Méiglechkeet ze ginn, fir hir Konschtgéigstänn auszustellen.

Eise Wee huet äis och iwwer Tiébélé gefouert, wou mir d'Cour Royale besiche waren. Hei krute mir wonnerschön, traditionell, handgemoolte Lehmhütten ze gesinn an hunn esouguer an eng eragoe dierfen. Duerch den Agang, extra niddreg gebaut, fir sech fréier viru Feinden ze schützen, hu mir äis

## Kooperationsvisite am Burkina Faso



*Bei de scho weltbekannten, handgemoolte Lehmhütte vun Tiébélé*



era gezwonge bis an d'Kichen an där während der Reenzäit gekacht gött. De Burkina Faso bleift äis an Erënerung als eng aner Welt. Eng Welt an där d'Leit net vill hunn awer alles ginn, äis zu all Moment en oppenen Empfank gebueden hunn, et waarm ass, wou een och emol iwwert en iwwerluedene Camion mat Geessen um Daach staunt. Et ass eng Welt, opgebaut op Frëndschaft.

**Camilya Berriri, Claude Guth,  
Sarah Kohnen, Pol Majerus,  
Philippe Mitsch, Véronique Reiff,  
Romain Richer, Michelle Schiertz,  
Joy Siebenaller, Sarah Schroeder**

# Burkina Dinner

Eng gemeinsam Initiativ vu verschiddenen ONG-en an Associatiounen, déi sech fir d'Wuel vun hire Frënn am Burkina Faso asetzen



**E**Samschdeg, den 30. September 2017, hunn d'Associatiounen:

- Fondation Chrëschte mam Sahel (CPS)
- Fondation Dr Elvire Engel (FDEE)
- Le Soleil dans la Main (ASDM)
- Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l. (LLJ – SC)
- Partage Afrique (PA)
- Solidaresch Aktioun Echternach (SAE)

op Ettelbréck an d'Däichhal op en Charity Dinner, de sougenannte „Burkina Dinner“ agelueden. Ronn 400 Leit waren um Rendez-vous an hunn iwwer dee Wee d'Aarbecht, déi déi lëtzebuergesch Hëlleforganisatiounen zënter laange Joren am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso leeschten, honoréiert an ënnerstëtzt.

2015 hunn sech déi 6 Associatiounen eng éischte Kéier ënner der Bezeechnung Burkina Days zesummegedoen, fir während 3 Deeg am gemeinsamen Zelt op der Foire Agricole vun Ettelbréck op hir Aarbecht opmierksam ze maachen, déi si an Zesummenaarbecht mat hire lokale Partner an engem vun den ärmste Länner op der Welt realiséieren. De Programme des Nations unies pour le développement

(PNUD) klasséiert de Burkina Faso leider nach ëmmer just op der 183. Plaz bei 188 Länner.

D'Associatiounen sinn am Schoulwiesen, der Promotioun vun der Fra, der Gesondheet, der Waasserversuergung an an der Landwirtschaft/Véizuucht tätég a leeschten domat hire Bäitrag, fir eng gesond Entwécklung vun de mannerbemëttelte Populatiounen um Land.

### Luxembourg meets Burkina

Opgrond vun deem groussen Erfolleg vun der Aktioun op der Foire Agricole 2015, kruten déi Verantwortlech vun de Burkina Days am Laf vum Joer 2016 vun den eenzelne Verwaltungsgréit gréng Luucht, fir eng nei Etapp an der Zesummenaarbecht unzegoen an e gemeinsamen Charity Dinner ënner dem Motto Luxembourg meets Burkina ze organiséieren.

Nom spontanen Accord vun de Verantwortleche vun der Stad Ettelbréck – wat d'Locatioun vun der Däichhal betrëfft – an enger ganzer Serie vu Reuniounen, huet den Organisationscomité, ënner der Leedung vun der Presidentin Alice Even (FDEE) an der Coordinatrice Lena Kneip (ASDM), déi néideg Schrëtt ënnerholl, fir en uspriechende Programm fir den Owend vum 30. September 2017 op d'Been ze stellen



*Ronn 400 Gäscht hunn den Asaz vun den Associatiounen vun de „Burkina Days“ duerch hir Präsenz um Charity Dinner honoréiert*

an de 400 Gäscht e puer flott Stonnen a sympathescher Gesellschaft unzebidden.

Op den Expostänn an iwwert en Documentaire – dee vum Här Fern Barbel vun norTIC zesummegehallt ginn ass – ass den Interesséierten deemno d'Méiglechkeet gebuede ginn, fir en Abléck an déi breet Palett vun den Aarbechtsfelder ze kréien, déi vun den Associatiounen um Terrain am Burkina Faso ugepaakt ginn. Verständlecherweis gouf et fir d'Gäscht och am Laf vum Owend d'Geleeënheet, fir hir Solidaritéit mat de mannerbeméttelte Populatiounen am afrikanesche Land auszudrécken. Esou sinn afrikanesch Konschtgéigegestänn duerch eise laangjäreg Frënd Marcel Scheidweiler (PA) versteet ginn, wouvun den Erléis integral an d'Kooperatiounsaarbecht vun de bedeelegten Hëlleforganisatiounen afléisst.

## Grouss Mercien

All eise Gäscht, déi duerch hir Präsenz um Owend, d'Aarbecht vun den Associatiounen ënnerstëtzt hunn, soe mir e ganz grouse Merci.

E spezielle Merci geet un déi 40 Benevoller, déi bereet waren, fir dem Organisatiounscomité bei de Preparatiounen vum Sall, während dem Dinner a beim Ofriichten ënnert d'Äerm ze gräfen.

Weider grouss Mercie ginn un déi Verantwortlech vun der Stad Ettelbréck an un d'Techniker aus der Däichhal, fir hiert wonnerbart Entgéintkommen, resp. un all eis Sponsoren an Ënnerstëtzer, ouni déi dës Aktioun net méiglech gewiescht wier.

*Fir den Organisatiounscomité vum Burkina Dinner,  
François Glodt*

## Organisatiounscomité vum Charity Dinner

<b>Presidentin:</b>	<b>Alice Even (FDEE)</b>
<b>Tresorière:</b>	<b>Jacqueline Monville (LLJ – SC)</b>
<b>Sekretärin:</b>	<b>Claudia Simões (CPS)</b>
<b>Coordinatrice:</b>	<b>Lena Kneip (ASDM)</b>
<b>Coordinateur adj.:</b>	<b>François Glodt (LLJ – SC)</b>
<b>Memberen:</b>	<b>Christiane Dieschbourg (SAE)</b>
	<b>Joseph Mathay (CPS)</b>
	<b>Marie-Jeanne Müller (SAE)</b>
	<b>Romain Richer (LLJ – SC)</b>
	<b>Marcel Scheidweiler (PA)</b>
	<b>Marie-Antoinette Scheidweiler-Recken (PA)</b>
	<b>Véronique Schmitz (ASDM)</b>
	<b>Stéphanie Zanter (PA)</b>

**All deenen, déi sech am Virfeld vun der Aktioun an um Burkina Dinner selwer fir déi gutt Saach agesat hunn, soe mir e ganz grouse Merci!**

# Dag vun der Kooperatioun 2017

En Dag zugonschte vun de Kooperatiounsprojete vun der ONG „LLJ – Service Coopération a.s.b.l.“, organiséiert vum regionale Grupp Cliärref vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ)



**D**éi Jonk vun der LLJ Cliärref - ronderëm hire President Fränz Schlechter – hunn sech op en Neits vill Méi ginn, fir hire Gästcht e flotte Programm bei der Geleeënheet vum dësjäregen Dag vun der Kooperatioun unzebidden. Deemno hunn si e Sonndeg, den 1. Oktober 2017 op Clierf agelueden, wou zum Optakt vum Dag zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der ONG LLJ – Service Coopération a.s.b.l. eng Mass – a Präsenz vu villen Autoritéiten, Frënn a Membere vun der LLJ – mam National-

aumônier Romain Richer an der Porkierch gefeiert ginn ass. D'Mass gouf musikalesch vun der *Chorale St. Cécile* vu Clierf – ënner der Leedung vum Dirigent Erik Schmidt – mat afrikanesche Kläng verschéinert.

An der Tëschenzäit waren déi Cliärrefer derbäi, fir déi lescht Virbereedungen am Hal Polyvalent an der Eeselbuererstrooss ze treffen, éier d'Gästcht fir den Eierewäin, dee frëndlecherweis vun der Gemeng Clierf offréiert ginn ass, um Site age traff sinn.





Fir de Fränz Schlechter war et do eng grouss Eier, fir d'Häre Romain Schneider, Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Hëllef, an Emile Eicher, Député-Maire a sympathesche Member vun der LLJ Cliärref, am Sall begréissen ze kënnen. De Minister, wéi och de Buergermeeschter hunn hirersäits de Membere vum regionale Grupp hire Respekt ausgeschwat fir hiren Engagement an hir Ennerstëtzung vun der Kooperatiounsarbecht vun der ONG zugonschte vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso. Si hunn si dësweideren encouragéiert fir op deem Wee weiderzagoen. A senger Funktioun als President vun der ONG huet och den Abbé Romain Richer dem Grupp e grouse Merci fir hire virbildlechen Asaz ausgedréckt.

Virun der Hal huet de Limousin „Gusti“ scho während der Nuecht um Spiess gedréint an ass deenen iwwer 270 Gäscht

nom Eierewäin mat selwergemaachte Spätzelen um Teller zerwéiert ginn. Och fir den Dessert, de Kaffi an d'Drëpp war beschdens gesuergt, esou datt jiddereen, deen sech op Clierf deplacéiert hat, voll op seng Käschte komm ass.

Op verschiddene Stänn gouf et fir d'Frënn vun der afrikanescher Konscht d'Méiglechkeet, fir deen een oder anere schéinen Objet mat heemzehuelen. Déi musikalesch Animatioun ass vum Romain Thielen assuréiert ginn an huet munch Frënn vum Danz op d'Pist gelackelt.

E grouse BRAVO deemno un déi Verantwortlech vun der LLJ Cliärref fir d'Organisatioun vum Dag an de Membere fir hire staarken Asaz am Interessi vun der gudder Saach!

fg

Fotoen: Fränk Thielen



All deenen, déi sech am Virfeld vun der Aktioun um Dag vun der Kooperatioun selwer fir déi gutt Saach agesat hunn, soe mir e ganz grouse Merci!

## Ënnerstëtzung vun eiser Kooperationsaarbecht duerch déi regional Landjugendgruppen

### Am Kader vum „Bauernhaff an der Stad“

**Z**um Ofschloss vun der Sensibiliséierungsaktioun „Bauernhaff an der Stad“, déi den 1. an 2. Abrëll 2017 vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ) an Zesummenaarbecht mat ville Partner bei der Gëlle Fra organiséiert ginn ass (méi Informatiounen a Fotoen dozou ënner [www.jongbaueren.lu](http://www.jongbaueren.lu)), huet **Agri-Distribution Wolff-Weyland** d'Pedalo-Trakteren aus hirem Kannerpark – deen op hirem Stand ze fanne war – fir déi gutt Saach versteet.

Déi regional Gruppe vun der LLJ hunn sech et net entgoe gelooss, fir matzemaachen an sech géigesäiteg eropzeschau-

kelen, wat fir vill Amusement bei hinnen an am Public gesuergt huet.

De Verwaltungsrot vun der ONG seet de Memberen aus den LLJ-Gruppen e ganz grouse Merci fir hiert Matmaachen a riicht e weidere grouse Merci un déi Verantwortlech vun **Agri-Distribution Wolff-Weyland**, déi d'Häerz op der richteger Plaz hunn an d'Aarbecht vun der ONG deemno op eng sprëtzeg a sympathesch Manéier ënnerstëtzt hunn.



*Landjugend Clärref*



*Landjugend Dikrich*



*Landjugend Furen*

## Ënnerstëtzung vun eiser Kooperationsaarbecht duerch déi regional Landjugendgruppen



*Landjugend Süden*



*Landjugend Uewersauer*



*Landjugend Zenter*



*Aarbechtsgrupp Fro de Bauer*

# Scheckiwwerreechung vun der LLJ Süden



Am Kader vun hirer Generalversammlung, op déi d'Verantwortlech vum regionale Landjugendgrupp Süden den 12. Januar 2018 an d'Hal vum der „Union des Bons Amis“ op Diddeleng/Biereng agelueden haten, hunn si dem Romain Richer, President vun der ONG „Lëtzebuurger Landjugend a Jongbaueren – Service

Coopération a.s.b.l.“ e Scheck am Wäert vun **1.000 €** iwwerreecht.

Am Numm vum Verwaltungsrot, huet de Romain deene Jonke ronderëm hire President Jeff Schmit, säi grouse Merci ausgeschwat, fir dee schéine Gest am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso.

## Generéise Scheck vun der APELTA

zugonschte vun der Kooperationsaarbecht vun der ONG am Burkina Faso

Emëttwoch, den 28. Februar 2018 huet d'Elterevereenegung APELTA (Association des Parents d'Élèves du Lycée Technique Agricole) op Ettelbréck an de Lycée agelueden, fir a Präsenz vum Här Direkter Tom Delles (1.v.r.) e generéise Scheck am Wäert vun 2.550 € un d'Vertrieder vun eiser ONG, dem President Romain Richer (2.v.l.) an dem Vize-president Carlo Schiltges (1.v.l.), ze iwwerreechen.

E weidere Scheck vun 3.050 € ass bei där Geleeënheet un d'Verantwortlech vun der A.s.b.l. „Häerzkrank Kanner Lëtzebuerg“ gaangen.

Den Total vun dësen Zomme konnt um Chrëschtmaart 2017 erwirtschaft ginn, deen den 1. Dezember 2017 vun der Elterevereenegung an Zesummenaarbecht mat de Schüler am Interessi vun der gudder Saach organiséiert ginn ass.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG huet de Romain Richer der Presidentin vun der APELTA, der Madame Patricia Pletgen-Kelders (4.v.l.), dem Här Delles an dem President vum Schülercomité, dem Tom Poeker (3.v.l.),



e grouse Merci ausgeschwat, fir dee schéine Gest zugonschte vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso.

Foto: Marc Kails, LTA

# Kaffisstuff am Kader vum Landjugenddag 2017



*D'Equipe, déi den Dag iwwer an der Kaffisstuff am Asaz war, huet sech iwwer de sympathesche Besuch vum Här Minister Fernand Etgen gefreet (v.l.n.r.): Marianne Lisarelli-Schleich, Tresorière, Carlo Schiltges, Vizepräsident, Fernand Etgen, Landwirtschaftsminister, Marie-Claude Dornseiffer-Marx, Vizepräsidentin, Edouard Kickert, Member, Marie-Rose Kickert-Tibor, Member, Jacqueline Monville, Chargée de projets, Romain Richer, President*

Um 43. Landjugenddag, deem de 25. Mee 2017 zu Ierpeldeng un der Sauer vun der Landjugend Dikrich organiséiert ginn ass, war de Verwaltungsrot vun eiser Hëlleforganisatioun fir d'Kaffisstuff zoustänneg.

Eng ganz Rei Memberen a Frënn vun der ONG hunn sech spontan bereet erklärt, fir hannert dem Comptoir ze hëllef, resp., fir d'Kaffisstuff mat Kuchen an Taarten ze beliwieren. Hinnen all e ganz grouse MERCI!

E ganz décke Merci geet och un d'Madame Marie-Rose Kickert-Tibor an hire Mann Edouard Kickert (op der

Foto uewen, déi 5. a 6. vu lénks), déi d'Preparatiounen fir d'Kaffisstuff mat vill Geschéck an Organisatiounstalent an d'Hand geholl hunn.

Den Erléis – och wann en sech a Grenze gehalen huet – fléisst integral an d'Kooperatiounsarbeit, déi d'ONG am Burkina Faso am Interessi vun der lokaler ländlecher Bevëlkerung leescht.

*Vill weider Fotoen ënner [www.jongbaueren.lu](http://www.jongbaueren.lu)*



*Och si hunn dofir gesuergt, datt genuch Kuchen an der Kaffisstuffugebuede konnt ginn; de Carlo Janssen, Member vum Verwaltungsrot, seng Madame Fabienne Janssen, fréier LLJ-Präsidentin, zesumme mat hirer Duechter*

# Generéise Gest vun de Schüler aus dem Lycée Classique d'Echternach



*Mat vill Engagement huet de Grupp aus dem Lycée Classique d'Echternach (LCE) e flotte Schoulprojet realiséiert a mat Sécherheet viles dobäi geléiert (v.l.n.r.): Patricia Ferreira Da Silva, Reponsabel, Gil Ferreira Veloso, Comptabel, Sophie Lin, Sekretärin, Joé Cannivy, Comptabel, Joëlle Duschang, Coordinatrice.*

*Foto: Madame Sandrine Ait-Si-Ahmed, Professorin an Tutrice vum Grupp*

**F**ir hire Schoulprojet „For a better future“ (vum 3. Oktober 2016 bis 26. Abrëll 2017) ze konkretiséieren, hunn d'Schüler vun der 12<sup>e</sup> CG aus dem Lycée Classique d'Echternach (LCE) decidéiert, fir de Kooperationsprojet „Réalisation d'un complexe scolaire à Zambélé au Burkina Faso“ mat ze ënnerstëtzen.

Dëse Kooperationsprojet gëtt weiderhi vum lokale Partner mat Hëllef vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.“ op der Plaz realiséiert a vum Lëtzebuerger Ministère fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Hëllef matgedroen. Detailler dozou fënnt een op de **Säiten 3-7** vun dëser Ausgab vum ONG.News.

Mat hirer Aktioun wollten d'Schüler en Zeeche setzen, fir ze weisen, datt jiddereen e Recht op Bildung huet.

Den 12. an 13. November 2016 hunn si eng éischte Kéier am Kader vun der Willibrordus-Oktav an der Basilika zu Iechternach op hire Projet opmierksam gemaach an dësen do virgestallt. Dësweideren hunn si Wafelen a Panescher bei der Bäckerei Fischer, resp. Gegrilltes beim CACTUS verkauft, fir esou an der Haaptsaach hire Bäitrag beim Kaf vum Equipment fir d'Bibliothéik vu Zambélé ze leeschten.

D'Spillsaache fir d'Spillschoulsklassen, d'Schoulmaterial fir d'Primärschoul an d'Bicher fir d'Bibliothéik vu Zambélé, déi am Laf vun de Méint gesammelt goufen, sinn de 6. Mäerz 2017 vun de Schüler un d'Vertrieeder vun der ONG iwwerrecht ginn.

Deemno konnt deen 1. Deel vum Material bei Geleeënheet vun der regulärer Visite de suivi 2017 (vum 11. bis 18. Mäerz 2017) vun de Vertrieeder vun der ONG un d'Schüler vu Zambélé iwwerrecht ginn. Deen 2. Deel hat de Grupp vun der Lëtzebuerger Landjugend, dee vum 18. bis 26. November 2017 un enger Visite de coopération deelgeholl huet (**Säiten 12-19** vun dësem ONG.News), mat an hirem Gepäck.

Niewent deem uewen opgelëscht Material, hunn déi 5 LCE-Schüler déi stolz Zomm vun 2.755,23€ bei hiren Aktiounen erakritt an se Enn vum Joer un d'ONG weidergereicht. D'Sue ginn deemno op der Plaz integral an den Amenagement vun der klenger Bibliothéik investéiert.

Deene jonken engagéierte Schüler aus dem LCE soe mir e grouse MERCI fir dës flott Initiativ zugonschte vun hire jonke Frënn vu Zambélé a wënschen hinne BONNE CHANCE fir hir berufflech Zukunft!

# Wonnerbare Gest zugonschte vun der Kooperatiounsarbeit am Burkina Faso



**A**m Kader vum 80. Gebuertsdag vum Här Pierre Keup, resp. hirer Gëllen Hochzäit, hunn den **Här & d'Madame Keup-Dhur** dem Romain Richer, President vun der ONG, op Wäisswampech agelueden, fir him e Scheck am Wäert vu **6.000 €** ze iwwerreichen an iwwer dee Wee d'Kooperatiounsarbeit vun der Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren am Burkina Faso ze ënnerstëtzen.



Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG huet de Romain Richer der sympathescher Koppel säi grousser Merci fir dee wonnerbare Gest ausgeschwat an hinne verséichert, datt d'Suen integral an de Projet fléissen, wou am Moment den Ausbau vun de Schoulinfrästrukture vu Zambélé mam lokale Partner realiséiert gëtt. Detailler zu dësem Projet fënnt deen Interesséierten am ONG.News 20/2017, dee weiderhin ënner [www.jongbaueren.lu](http://www.jongbaueren.lu) erofgeluede ka ginn.

Mir wënschen dem Här Pierre Keup no dréiglech all Guddes fir säin héije ronne Gebuertsdag an him a senger Madame nach vill schéi gemeinsam Joren am Krees vun hirer Famill.

# Generéis Ënnerstëtzung vum LCGB



*V.l.n.r.: Christophe Knebler, Secrétaire général adjoint a Verantwortleche fir d'Affaires sociales vum LCGB, Robert Schadeck, President vum LCGB-Ënnerstëtzung, Carine Breuer, Verantwortleche fir d'Relations publiques (LCGB), Romain Richer, President vum der ONG, Patrick Dury, LCGB-Nationalpresident*  
(Foto: François Glodt)

**E**Mëttwoch, den 19. Juli 2017 waren d'Vertreieder vun der ONG op de Siège vum LCGB invitéiert, fir e generéis Scheck vun **2.000 €** fir d'Entwécklungszesummenaarbecht vun der A.s.b.l. *Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération* entgéintzehuelen.

Den LCGB-Nationalpresident Patrick Dury ass bei där Geleeënheet op deen, an der Ëffentlechkeet éischter manner bekannten Engagement vun der Gewerkschaft agaangen, deen awer zënter laange Joren iwwer d'A.s.b.l. *Primalux* gelescht gëtt. Deemno ënnerstëtzt si regelméisseg eng ganz Rei Projekte vu verschiddenen Organismen, déi hei zu Lëtzebuerg an op der ganzer Welt op karitativem Niveau tätig sinn. Den Här Dury huet ënnerstrach, datt et fir d'Gewerkschaftsvertreieder wichteg ass, fir iwwer dee Wee zu enger méi gerechter Welt bäizetroen an dësweideren de Message vu Solidaritéit mat anere Mënschen un hir Membere weiderzeginn.

Dëst Joer ass esou de Choix vun hinne geholl ginn, fir – ënner aneren – d'Kooperationsaarbecht vun der ONG am Burkina Faso matzedroen. De Romain Richer, President, a François Glodt, Sekretär, sinn an deem Kader op d'Aarbecht vun der ONG agaangen, déi si an Zesummenaarbecht mat de Bauerenassociatiounen am Burkina Faso realiséiert. Si hu verséichert, datt d'Suen, déi vum LCGB gespent gi sinn, an e Kooperationsprojet fléissen, deen den Encadrement vun de lokale Produzenten virgesäit an zum Zil huet, d'Liewenskonditiounen vun de Bauerefamilljen langfristeg ze verbessern.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG soe mir de Verantwortleche vum LCGB e **ganz grouse Merci** fir dee generéisen Don zugonschte vun de mannebemëttelte Populatiounen am Burkina Faso.

fg

Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.

### **Kaarte fir bei all Geleeënheet fir de gudden Zweck**

**zugonschte vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun der ONG am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika**

Mir weisen drop hin, datt deemnächst nei Kaarte mat **Impressiounen aus dem Burkina Faso vum Philippe Mitsch**, laangjäreg Member, a **Romain Richer**, President vum Verwaltungsrot vun der ONG, an der Zentral vun der *Lëtzeburger Landjugend a Jongbaueren* bestallt kënnen ginn.

Den Erléis vum Verkauf vun dësen Kaarten, fir bei Geleeënheet vun enger Daf, enger Hochzäit, engem Anniversaire, engem Stierffall, ... fléisst an d'Entwécklungszesummenaarbecht, déi eis ONG am Burkina Faso mat hire lokale Partner realiséiert.

E-mail: [secretariat@jongbaueren.lu](mailto:secretariat@jongbaueren.lu) / Tel.: 44743 - 252



# Wonnerbare Gest vun de „Fraen a Mammen“ vun Helleng/Fréiseng



Foto: Romain Richer

## Ënnerstëtzung vun der ONG-D mat Hëllef vun DigiCash

**D**ir kënnt d'Kooperatiounsarbeit vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbueren – Service Coopération a.s.b.l.“ mat engem Don ënnerstëtzen, deen Dir mat Hëllef vun DigiCash op Ärem Smartphone maacht.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir e grouse Merci fir all Ënnerstëtzung zugonschte vun eise Kooperatiounsprojeten an Afrika.



**B**ei Geleechenheet vun enger vun hire reguläre Reuniounen hunn déi Verantwortlech vun de „Fraen a Mammen“ vun der Sektoun Helleng/Fréiseng, dem Vertrieder vun der ONG „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbueren – Service Coopération a.s.b.l.“ e generéis Scheck iwwerreecht, fir d'Entwécklungszesummenaarbecht ze ënnerstëtzen, déi d'Hëlleforganisatioun zënter laange Joren am Burkina Faso leescht. Déi impressionnant Zomm vun **8.000 €** ass deelweis bei den Theaterowender zesummekomm, déi déi dynamesch Dammen all Joer jeeeweils am Februar/Mäerz fir e gudden Zweck organiséieren.

Am Numm vum Verwaltungsrot huet den Abbé Romain Richer, President vun der ONG, de sympatheschen Dammen säi grouse Merci ausgedréckt a verséichert, datt dës Suen integral an d'Kooperatiounsprojete fléissen, déi vun de lokale Partner am Interessi vun der ländlecher Bevëlkerung realiséiert ginn.


Un der Scheckiwwerreechung hunn sech och d'Sekretären, resp. Membere vun der Landjugend „Süden“ bedeelegt, déi am gudden Kontakt mat de Verantwortleche vun der lokaler Sektoun vun de „Fraen a Mammen“ stinn, a regelméisseg op den Theaterowender mat derbäi sinn. Op der Foto gesäit een deemno op den Huppe riets (v.l.n.r.) de Pol Majerus, d'Angèle Mersch an d'Camilya Berriri, déi sech an hirem regionale Grupp och fir d'ONG staark maachen.

fg


# Finanzaufkommen 2017

Projekt	Betrag
BURKINA FASO – Zambélé: Ausbau der Infrastrukturen des Schulkomplexes	232.813,27 €
BURKINA FASO – Zambélé: „Aktioun: Bibliothék fir d'Schoul“	10.310,00 €
BURKINA FASO – Sam: im Konsortium mit „Le Soleil dans la Main“ (ASDM) und SOS Sahel	15.999,78 €
BURKINA FASO – Zur Identifikation des Projektes: Stärkung des Einsatzes des Duos Esel/Kassin bei der Bewirtschaftung der Felder sowie Optimierung der Produktionskapazitäten der landwirtschaftlichen Familienbetriebe in 26 Dörfern der Provinzen Boukiemdé, Sanguié, Sanmatenga und Yatenga	18.813,20 €
Andere	307,50 €
Sensibilisierung	46.854,01 €
Verwaltung	74.502,14 €
Verschiedenes	53,25 €
<b>Gesamtsumme für 2017:</b>	<b>399.653,15 €</b>

## Einnahmen 2017



## Ausgaben 2017



**Wir bedanken uns sehr herzlich  
bei den regionalen Gruppen der LLJ sowie bei allen Spendern und den Ministerien  
für Entwicklungszusammenarbeit und Landwirtschaft für die gewährte Unterstützung!**

### Verwaltungsrat

**Präsident:** RICHER Romain, Abbé  
**Vizepräsidentin:** DORNSEIFFER-MARX Marie-Claude  
**Vizepräsident:** SCHILTGES Carlo  
**Kassiererin:** LISARELLI-SCHLEICH Marianne  
**Sekretär:** GLODT François

**Mitglieder:** MAJERUS-CLEMES Martine  
MITSCH Philippe  
SCHARES-LEONARDY Conny  
SIEBENALLER Kim  
WOLTER-HILGERT Fernande  
**Projektmanagerin:** MONVILLE Jacqueline

### Lëtzebuurger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.

5, avenue Marie-Thérèse • L-2132 Luxembourg

CCPLLULL: LU05 1111 0050 3083 0000  
CCRALULL: LU32 0090 0000 0157 8004

www.jongbaueren.lu  
E-mail: service.cooperation@jongbaueren.lu

Tel: 44743 - 252 / 44743 - 564  
Fax: 44743 - 563